

kritesch begleeden - e Konsens gëtt. Ech halen dorunner fest, dass mer d'Wichtigkeet vun der Villsproochegkeet hei zu Lëtzebuerg, mä awer och d'Wichtigkeet, fir et esou ze aménagéieren, dass mer all de Kanner eng Méiglechkeet ginn deen Atout, dee formidabelen Tromp, deen d'Sproochesinn, ze benotzen, ouni dass et hinneschuet, fir eng Qualifikatioun ze kréien, an dass mer deen Tromp mussen ausbaue fir alleguer d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Ech mengen, et ass eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Et ass eng Stärkt vu Lëtzebuerg. A mir sollen déi weider ausbauen. Ech sinn och - de Moment jiddefalls - zouversichtlech, dass mer dat ëmgesat kréien. Allerdéngs muss ee soen - wéi gëtt gesot? Roun ass net an engem Dag gebaut ginn -, dat doten ass e Chantier, dee laangfristeg muss opgebaut ginn. En hält vill Zäit. Ëmsou méi freeën ech mech, dass déi Orientatioun awer hei vun der ganzer Classe politique gedroe gëtt. Dat stëmmt mech zouversichtlech fir d'Ëmsetze vun engem Zil, wat - wëll ech awer soen - eigentlech immens ambitieus ass. Mir si ganz exigent mat eise Jugendlechen, mat eise Kanner. Ech mengen, dass dat richtig ass, mä mir sollen hinnen d'Méiglechkeet ginn op dee Wee ze goen.

Ech soe villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

**» Plusieurs voix.** - Très bien.

**» M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Minister Lux ass an der Zwëschenzäit ënner eis. Dofir komme mer zrëck zum Projet vun haut de Moien, dee mer nach net ofgestëmmt hunn. Mir si konfrontéiert mat engem Amendement vum Här Henckes. Een Amendement, zu deem den Här Minister wollt Stellung huelen. Här Minister.



### 8. 5709 - Projet de loi portant transposition de la directive 2002/30/CE du Parlement européen et du Conseil du 26 mars 2002 relative à l'établissement de règles et de procédures concernant l'introduction de restrictions d'exploitation liées au bruit dans les aéroports de la Communauté (votes)

**Amendement 1**

**» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Här President, entschëllegt mech. Ech hat an der Zwëschenzäit nach e puer aner Verpflichtungen. Mir hunn an der Mëttesstonn eis Käpp nach eng Kéier zesummegeetach, fir ze kucke wat een zur Fro ze soen huet. An ech muss dat confirméieren, wat ech de Moie scho gesot hunn, dass mer der Meinung sinn, dass et wierklech hei net néideg ass nach eng Kéier de Recours vun engem Particulier an d'Gesetz dranzeschreiwen.

Ech mengen, mir hunn dräi Phasen, déi iwwregens och am Text vum Projet de loi an am Commentaire des articles sinn, Här Henckes, wou nämlech och de Fait, dass mer dat net iwwerholl hu vun der Direktiv, och am Commentaire des articles ganz prezis nach eng Kéier opgelëscht an argumentéiert ass. Et ass also net, dass dat klammheimlech iwwert d'Bühn gaangen ass. Mä wann een de Commentaire kuckt, bei deem Artikel steet ganz prezis derbäi, firwat dass mer dat gemaach hunn.

Mir hunn also eng Phase de consultation, déi kloer der Direktiv entsprécht. Mir hunn dono eng Phase de décision. Et ass evident, dass et an der Phase de décision kloer ass, dass déi Décisioun ëmmer eng Décisioun vum Minister ass. Dat heescht also, eng Décisioun, déi an alle Fäll nom Droit commun ëmmer susceptible ass, fir kënnen e Recours ze maachen, sief et virum Tribunal oder virun der Cour administrative.

An dann, mengen ech, ass et wichtig ze soen, dass mer ganz prezis och op d'Recoursméiglechkeet vum Particulier gehalen hunn, vu que déi Restriktionen, déi et ka ginn, jo virun allem oder bal nëmmen ausschliesslech Personnes morales betreffen, well et jo Restriktiounen sinn, déi Opérateure betreffen oder déi luxAirport kënnen betreffen. Ech mengen, déi si jo un éischter Stell viséiert.

Mir hunn trotzdem - fir kloerzestellen, dass de Recours och vum Particulier méiglech ass - an der Phase d'information dorop gehalen, dass en Avis au public gemaach gëtt, fir ze garantéieren, dass och jiddfereen

ausserhalb vun der Prozedur, déi jo virgesinn ass fir d'Verhältnisméissegkeet vun der Mesure ze diskutéieren, informéiert ass iwwert d'Décisioun vum Minister. An dann an der Phase de recours ass et ganz kloer, dass et hei wéi gesot d'Absicht war, fir dee Recours ze garantéieren.

Dat steet am Commentaire des articles, an ech kann awer och vläicht dobäi soen, dass weinstens zwou Institutionen de Commentaire des articles an eise Wee, dee mer hei juristesch gaange sinn, och gekuckt hunn: Éischtens de Conseil d'État, dee kloer gesot huet, dass et fir hie mat der Direktiv kompatibel wär, wéi mer et géife maachen; an zweetens hate mer och eng Prénotificatioun vun dem Text bei der Kommissioun gemaach, déi eis och zrëckgemellt huet, dass dat fir si eng propper Ëmsetzung vun der Direktiv ass. Esou dass et fir eis nach eng Kéier kloer ass, dass d'Décisioun vum Minister eng Décision administrative ass, déi an alle Fäll, wéi bei allen aneren Décisions administratives, och e Recours vun engem Particulier kann erfueren.

**» M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dann huet nach den Här Henckes d'Wuert.

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wollt just nëmme bemierken, datt d'Regierung d'Direktiv eent zu eent ëmgesat huet - copier-coller - sauf op engem präzise Punkt, an dat ass deen hei.

An ech froe mech, firwat een eng ganz Direktiv, all Saz, all Wuert iwwerhëlt, sauf dann hei, wou et dorëm geet fir Rechter ze ginn, fir Recoursen dann ze maachen, datt een do op eng Kéier an engem Spezialgesetz derogéiert zu der Direktiv an zu deem allgemenge Gesetz.

Dat licht mer net an, an ech fannen et net kloer, datt een dat eenzegt Land a ganz Europa ass, wat op dee Wee do geet. Ech hunn nämlech nogekuckt. Alleguer hunn d'Direktiv ëmgesat a just zu Lëtzebuerg maache mer hei eng Ausnahm.

Duerfir mengen ech, datt ech de Vote awer wëll oprecht halen, an ech wäert mer da Méi ginn, wann et sollt ee Vote négatif ginn, fir d'Europäesch Kommissioun doriwwer ze informéieren, wéi et ass an ob et eng richtig Tentative ass.

**(Interruptions)**

Wann et sollt zu engem Recours kommen, da sinn ech frou, datt mer zwar politesch schéngen op enger Linn ze sinn, mä juristesch hunn ech awer d'Impressioun, datt hei d'Regierung en lertum mécht.

**» Une voix.** - ...d'Rechter vun de Bierger...

**» M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Mir kommen dann zum Vote vum Amendement.

**Vote**

Den Amendement vum Här Henckes ass ofgelehnt mat 38 Nee- an 21 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.*

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5709 als Ganzst.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes*

*Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Diskussioun vun de Projets de loi 5634 a 5635, wou et iwwert déi europäesch Brevetë geet. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Scheuer.



### 9. 5634 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur l'application de l'article 65 de la Convention sur la délivrance de brevets européens, fait à Londres le 17 octobre 2000

### 5635 - Projet de loi portant approbation de l'Acte portant révision de la Convention sur la délivrance de brevets européens du 5 octobre 1973, fait à Munich, le 29 novembre 2000

**Rapports de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports**

**» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wie sech informéiere wëllt iwwert de System vun de Breveten am Allgemengen a speziell iwwert d'Situatioun vun de Patenter zu Lëtzebuerg, deem ass eng Broschür ze recommandéieren, déi heescht «20 ans de brevets au Luxembourg». Dat ass eng Publikatioun, déi ass geschitt an Zesummenaarbecht tëschent dem Centre de Recherche Public Henri Tudor an dem Ministère de l'Économie.

An där Broschür gëtt et en ausgezeechent Virwuert vum Ekonomiesminister, dem Här Krecké, dee seng Sporen am Beräich vun de Breveten am Joer 1992 verdéngt huet, wéi mer d'Lëtzebuerger Brevetsgesetz gemaach hunn an en heroesche Kampf gefouert hu mat enger Matière, déi komplett indigeste war, onbekannt war, an deen heroesche Kampf, deen ass och gefouert gi mat der Verwaltung, déi deemools net esou équipéiert war, wéi se et haut ass. Dohier also d'Kompetenze vum Här Minister. Vläicht huet dat mir och d'Éier abruecht, fir déi zwee Gesetzzer hei ze maachen, an déi ech mech dann nodréiglech och ageschafft hunn.

Et ass schonn interessant nozeliesen, wéi wichtig dee Patentsystem och fir Lëtzebuerg ass a wéi en évoluéiert huet. Am Joer 1994 sinn 51.000 Demanden erakomm. Am Joer 2002 waren et der 251.000 am Ganzen, déi do louchen. Dat heescht, et ass en enormen Opschwong ginn an deem, wat ee Beräich Propriété intellectuelle nennt, an de Schutz vun der Propriété intellectuelle huet grad just an Europa esou eng Importenz kritt wéi vläicht an deenen aneren Äerddeeler net.

Enn vun den 90er Joren haten 80% vun den ekonomesche Wäerter hei an Europa immatéirielle Charakter. Dat heescht, eis Économie baséiert am Fong op der Qualitéit vun der intellektueller Richesse, déi mer an Europa hunn.

Den Droit d'auteur, deen duerch e Patent hiergestallt gëtt, schützt ebe just dat wat een nennt „la création de l'esprit“, an dee schützt déi während der Liewensdauer vun deem, deen de Patent ugemellt huet, plus nach eng Serie vu Joren doriwwer eraus. Ech mengen, et si méi wéi 50 Joer, vläicht souguer 70 Joer.

Wichtig ass et also, datt déi Législatioun an deem dote Beräich à jour gehale gëtt. Wichtig ass, datt se modifizéiert gëtt, datt se ugepasst gëtt un d'Evolutioun vun der Technik. A wichtig ass och, datt se esou flexibel ass, datt een eben och ganz séier agéiere kann.

D'Patentamt ass am Fong befaasst - fir zesummenzefaassen - mam Management vun eisem intellektuelle Kapital.

Zu de Projeten, fir d'éischt dem Projet 5634, deem approuvéierten Accord, deen de 17. Oktober 2000 ofgeschloss ginn ass an dee sech op den Artikel 65 vun der Konventioun, déi am Joer 2000 zu London ebe geholl gouf, beziitt.

Et ass esou, datt all Demande fir e Brevet entweder an enger vun deenen dräi offizielle Sprooch muss geschéien, an dat ass entweder Däitsch, Franséisch oder Englesch, oder awer an der Heemechtsprooch vun deem Land, wou de Brevet dann eben applizéiert gëtt, oder wou deen, deen ufreet, da seng Demande wëllt maachen. Da muss dee Brevet an d'Sprooch vun deem Land iwwersat ginn, wou de Brevet exploitéiert gëtt.

Den Accord aus dem Joer 2000 hieft elo déi lescht Klausel op. Lëtzebuerg huet iwwregens ëmmer nëmmen den Text op Englesch verlaangt. Vun elo u brauch also e Lëtzebuerger Patent, vu Lëtzebuerger Titulären, keng Iwwersetzung méi ze presentéieren an deene Länner, déi dësen Accord ënnerschriwwen hunn. Dat huet elo fir Lëtzebuerg selwer um Niveau vun de Brevetë keng Konsequenz, mä fir déi, déi hiert Wëssen, hiert Kënnë wëllen exportéieren, huet et scho Konsequenzen, an ech bezéie mech hei op d'Diskussioun an eiser Kommissioun an op d'Informatiounen, déi komm sinn, wann eng Validatioun vun engem Brevet - ofgesi vun de Recherchen, déi virdu musse gemaach ginn - ronn 22.000 bis 25.000 Euro kascht, da solle ronn 40% dovunner op d'Iwwersetzung falen.

Dat ass also trotzdem eng relativ imposant Zomm, déi do verlaangt gëtt. Néng Länner mussen deen Accord elo ratifizéiert hunn, dann trëtt en a Kraaft. Dorënner sinn déi dräi grouss Länner, an deenen am meeschten Dépôte gemaach ginn, dat ass Däitschland, Frankräich an England. An et schéngt esou ze sinn, mengen Informatiounen no, datt d'Fransousen dat och elo ratifizéieren.

Iwwregens aus där Etüd nach eng interessant Zuel. Et gëtt eng Tabell an där opgezielt gëtt, wéi vill Demandë vu Brevete pro Millioun Awunner gestallt ginn, an do steet Lëtzebuerg trotzdem op enger imposanter drëtter Plaz, hanner Schweden an hanner Däitschland. Wat jo awer weist, datt de System vun de Breveten, dee besonnesch am Beräich vun der Industrie gëllt an hei besonnesch am Beräich vun der Sidérgurgie, en äusserst wichtige Facteur ass fir de Standuert Lëtzebuerg.

D'Chambre de Commerce huet sech géint deen dote Projet de loi ausgeschwat a gesot et géif am Fong weéneg bréngen, wann déi Iwwersetzung géif ewechfalen. Ech hunn explizéiert, datt se awer fir den Export vun eisen Exploitationsbreveten trotzdem eng gewësse Wichtigkeet huet. Dat zum Projet 5634.

De Projet 5635 elo ass méi wichtig an deem Sënn, well en eng Revisioun bréngt vun der Konventioun, déi am Joer 1973 ofgeschloss ginn ass zu München. Déi Revisioun geet awer och schonn zrëck bis op d'Joer 2000. Et muss ee sech wierklech awer d'Fro stelle firwat deen Ecart vun trotzdem sechs, siwe Joer ass, bis datt déi Revisioun dann op den Dësch vum Parlament kënnt.

Zesummegefaasst bréngt déi Revisioun méi Souplesse a méi Sécherheet an d'Prozeduren, méi Überschaubarkeet an deen immens komplexe System.

Ech faassen zesummen, déi puer Punkte sinn och am Rapport esou opgelëscht, dat



Alleréischt, et gëtt gesot, datt den Text vun der Konventioun, dee mir och am Joer 1992 gekuckt haten, méi lisibel gemaach ginn ass. Do kann een nëmme soen, tant mieux.

Zweetens d'Prozedur fir d'Begrenzung an de Widderruff, d'Ophiewe vun engem Patent, gëtt zentraliséiert. Et gëtt eng Instanz geschaf, wou déi Prozedur dann op enger Plaz ka réckgängeg gemaach ginn. Dat heescht, den Exploitant muss net méi an all eenzelnem Land intervenéieren. Dat entsprécht also enger Vereinfachung.

An dat gëtt et drëttens ee méi politesche Votell iwwert deen den Här Minister eis och vläicht soe ka wéi dat fir de Moment leeft. D'Ministeren treffe sech vun elo u regelméisseg, fir iwwer politesch Komponente vum europäesche Patentsystem ze diskutéieren. Den europäesche Patentsystem, dee sech jo positionéiere muss am Beräich vun der ganzer Welt. Mir wëssen, datt et hei net nëmmen ëm Ekonomie geet. Hei geet et och ëm Ethik, et geet ëm d'Froen: Wat ass patentéierbar? Wéi wäit gi mer mat? Wéi wäit follege mer den Amerikaner, etc.? Wat ass an anere Länner méiglech? Dohier déi Kombinatioun vun administrative Prozeduren, iwwert déi elo awer d'Responsabilité politique, déi ëmmer do war, mä déi elo awer méi fest ancréiert gëtt an der Konventioun.

Ech mengen am Zeeche vun der Globaliséierung kann een deem nëmmen zoustëmmen a mir brauche kee Bild ze molen, wat den Impakt vun enger regelméisseger Upassung vun de Prozeduren dann eben och op d'Ekonomie kann hunn. Et gëtt hei zum Beispill e Conseil d'administration geschaf, dee méi Kompetenze kritt wéi dat bis elo de Fall war.

An da gëtt et e véierte Punkt nach, et ginn eng Rei vu Vereinfachungen am juristesche Beräich agebaut an d'Konventioun, an et gëtt zum Beispill eng Schafung vun enger spezifischer Juridiktioon gemaach. Virun allem kënnt et zur Fusioun vu Recherche a Kontroll vum Fong, wann e Brevet deponeiert gëtt, wat ongeheier vill Zäit spuere kann an och prozedural Avantagë mat sech bréngt.

D'Chambre de Commerce huet bei dësem Projet kee Problem gesinn. Genaousou wéi de Statsrot och kee gesinn huet.

De Vote, dorobber hu mer higewisen, muss allerdéngs nom Artikel 114 vun der Constitution geschéien, Här President, an Dir hutt an deem Sënn jo och schonn haut de Moien e Message verlaoue gelooss, datt mer eis dann deene spezielle Prozeduren och an der Chamber ënnerzéie mussen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, nach eng kéier en Appel: Déi Leit, déi sech dofir interesséieren - an dat misst jiddferen interesséieren -, sollen déi Publikatioun vun deem Centre de Recherche a vum Ministère de l'Économie an d'Virwuert vum Här Minister och liesen. Domadder ass scho munches erkläert.

Ech bréngen heimat och den Accord vun der Fraktioun zu deenen zwee Projeten a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Scheuer. Den honorabelen Här Sauber huet elo d'Wuert fir d'CSV-Fraktioun.

Discussion générale

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke meng Félicitatiounen un den honorable Jos Scheuer fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, dee gutt dokumentéiert a ganz vouéiert ass.

Et geet hei ëm de Schutz vun der Propriété intellectuelle, deen hei zu Lëtzebuerg, konnte mer feststellen, e ganz groussen Opschwonk kritt huet. Dat bréngt dann och mat sech, net nëmmen eleng datt mer dat statistesch feststellen, mä datt eng ganz Partie Büroen hei zu Lëtzebuerg sech mat där doer Matière beschäftegen. Ech mengen, déi Zifferen, déi de Frënd Jos zitëiert huet, loosse drop schléissen, datt eng ganz Partie Aarbechtsplazen, lies dann och d'Folgerentréeën, hei zu Lëtzebuerg hänke bleiwen. D'Wichtegkeet also vun deene Konventiounen iwwert d'Breveten ass zweifellos ganz grouss fir Lëtzebuerg.

Elo zu deenen zwee Projeten. Deen éischten, d'Ofännerung vum Artikel 65, dat ass also, wéi scho gesot, d'Konventioun vu London, an zwar vum 17. Oktober 2000. Deen zweete Projet ass méi spéit, deen ass am November ugehooll ginn.

Dësen Accord vu London gesäit vir, datt a grousssem Mooss, wann net ganz, drop verzicht gëtt d'Traductioun an der Landesprooch ze froen. An dat bréngt zweifellos schonn eleng dee grousse Virdeel mat sech, datt eng Mass Käschten - well déi Suen, déi esou ee Brevet, wat d'Iwwersetzungen ugeet, kaschten, sinn important - ewechfale kënnen.

Och wann nëmmen néng Länner vun 31 dësen Accord bis elo ratifizéiert hunn an och wann hei zu Lëtzebuerg bereits déi do Obligatioun net méi besteet, da si mer awer der Meenung datt et wichteg ass, datt mir hei zu deem Accord Jo soen, schonn eleng aus dem Prinzip eraus well et a Richtung geet vu Vereinfachungen international gesinn. Zweetens awer och haaptsächlech aus dem Advantage eraus, deen d'Lëtzeburger hunn, wa se am Ausland e Brevet déposiere mussen. Aus deem Grond bréngen ech och fir deen dote Projet emol direkt den Accord vun der CSV mat.

Wat d'Revisioun elo vun der Konventioun iwwert d'Breveten ubelaangt, ass et esou, datt den 29. November 2000 d'diplomatesch Konferenz vun de Staten dës Konventioun ugehooll huet. Wou et elo haut drëm geet, dat ass deen Akt als Révision officielle hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Juristesche dierft dee wichtigsten Aspekt vun dëser Revisioun dee sinn, datt mer en Deel vun eisen Hoheitsrechter ofrieden, an dat bedeit dann och de Recours op den Artikel 114 vun der Constitution, wat dann eng Zwee-Drëttel-Majoritéit hei am Parlament viraussetzt.

Wat triede mer of? Mä bis elo war et esou, datt Ofännerunge vun der Konventioun hei am Parlament hu misse ratifizéiert ginn. An Zukunft ass et esou, datt dann Ofännerunge vun der Konventioun, déi awer an dësem Kontext limitéiert sinn op eng Partie Artikel, duerch de Verwaltungsrot vum Patentamt ouni Problemer kënnen ofgeännert ginn. Et ass also eng Kompetenzverschiebung fir bestëmmte Bestëmmungen aus der Konventioun, déi sech haaptsächlech op d'Konformitéit vun der Konventioun op international Traitéë respektiv op d'communautär Législatioun bezéien. An anere Wieder, de Pouvoir fir d'Konventioun op enger Rei vu Punkte gëtt un en internationaalt Organ delegéiert.

Praktesch: Wat bréngt déi nei Konventioun mat sech? Dat heescht, um Terrain sinn eng Partie Neierungen, déi eng Rei vu Virdeeler mat sech bréngen. Ech zitëieren hei ganz kuerz d'rechtlech Garantien. Ech zitëieren och d'bessert Fonctionnement. Eng gemeinsam Juridiction kann ofgemaach ginn, an och de Verzicht op d'Iwwersetzung kann duerch d'Konventioun tëschent de Länner regléiert ginn. D'Chambre de Commerce ënnersträicht dann och d'absolut Noutwendegkeet, fir dës Konventioun esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Konklusioun: Den Akt vun der Revisioun bréngt méi Flexibilitéit an der Gestiou mat. E verstärkt de Schutz vum Inventeur - vun deem, deen d'Saachen erfënnt -, mä awer och deen, dee se utiliséiert.

Ech bréngen dann och zu dësem Projet den Accord vun der CSV mat.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Sauber. Freet nach een d'Wuert zu dësem Projet? Wann dat net de Fall ass... Här Minister, kënnen mer zur Ofstëmmung kommen? Här Minister.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här President, ech mengen Dir hutt jo gemierkt, dass de Jos Scheuer an och de Riedner vun der CSV eng gewësse Kompetenz an där Matière bewisen hunn. An ech mengen, et ass elo net nach eng kéier u mir, fir op den Detail anzegoen. Ech wëll just op eppes opmierksam maachen.

» **M. le Président.** - Da lauschtert wann ech gelift no.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Dat ass: Déi Ëmännerung vum legale Kader ass een Aspekt vun enger Politik, déi mer bedreiven, net nëmmen a Kader vu Lissabon, wou d'Patenter en enorm wichtege Punkt sinn. Mä och eng Ausweidung, fir dass muer eng Gestiou vu Patenter, vu Firmen hei zu Lëtzebuerg ka gemaach ginn. Mir probéieren do och nei fiskal Moossnamen

eranzebréngen. Mir probéiere Saachen ze facilitéieren an de Prozeduren, fir do e bësse méi kompetitiv ze ginn, an erhoffen eis doduerch e gréisseren Attrait fir eise Standuert, eben am Beräich vun allem, wat a Relatioun mat de Propriétés intellectuelles ze bréngen ass.

Insofern sinn déi zwee Gesetzesprojeten hei ganz wichteg. Souwäit ech weess, hu mer nach Ëmsetzung vum Direktiven am Tube, déi mer mussen an nächster Zäit maachen, well mir sinn och do, mengen ech, kuerz virun Délaïen, déi oflafen. Duerfir wier ech frou, wa mer dat och kéinten direkt am Hierscht ugoen.

Fir de Rescht soen ech der Kommissioun villmools Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5634.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5634 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass 5634 mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentioun, ugehooll.

Ont voté oui: *Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir hunn dann de Vote vum Projet de loi 5635. Hei stëmmen mer nom Artikel 114 vun der Verfassung of, dat heescht mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen. De Vote par procuration - opgepasst - ass hei net erlaabt. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5635 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5635 ass ugehooll mat 46 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm, a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: *Mmes Sylvie Andrich-Duval, Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel et Lucien Weiler;*

*MM. Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir schieben an eise Programm ganz kuerz eng Question urgente dertëscht vun der Madame Martine Stein an dem Här Marcel Oberweis iwwert d'Positioun vu Lëtzebuerg, wat eng eventuell eesäiteg Unerkennung vum Kosovo duerch verschidden europäesch Länner ubelaangt. Den Här Minister Schmit ass hei fir op déi Fro ze äntwerten. Madame Stein.



10. Question urgente N°1851 de Mme Martine Stein-Mergen et de M. Marcel Oberweis au sujet de l'accord unilatéral de l'indépendance du Kosovo

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Merci, Här President. En fait ass an der Press vun haut en Artikel erschéngen, no deem verschidden europäesch Länner géifen, ouni eng Resolutioun vun der EU ofzewaarden, envisagéieren, fir ze probéieren eng Reconnaissance vum Kosovo duerchzezéien. An zwar sollt dat diskutéiert ginn um nächsten europäesche Gipfel vun den Ausseministeren, den 23. an de 24. Juli zu Bréissel.

Ons Fro geet dann dohinner, ob dat eventuell denkbar méiglech ass, ob mer do weider Informatiounen kënnen kréien. Vu dass jo awer och um Niveau vun der UNO eng ganz Rei Tentativë sinn, fir en Accord ze kréie mat Russland, fir weider Ënnerhandlungen iwwert d'Zukunft vum Kosovo ze féieren.

An ons Fro un de Minister ass: Wéi ass d'Positioun vun onsem Land an dësem Domän?

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Stein. De Minister Schmit huet d'Wuert.

» **M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.** - Här President, Madame Deputéiert, ech mengen et soll een de Presseartikelen ëmmer mat enger gewëssener Virsiicht entgéintkommen. Momentan ass keng Situatioun do wou eng Reconnaissance unilatérale ouni eng Resolutioun vum Conseil de Sécurité vun der UNO géif bestoen. Esou eng Situatioun steet net un.

Bien au contraire gëtt momentan zu New York versicht, an zwar vun den Amerikaner, vun de Fransousen a vun den Englänner, eng Resolutioun auszeschaffen, an och ze probéiere fir déi Resolutioun den Accord vun de Russen ze kréien. Mir wëssen alleguer, datt d'Russe sech bis ewell kategoresch esou enger Resolutioun opposéiert hunn.

An zwar géif déi Resolutioun dorophin erausgoen, datt géif proposéiert ginn nei Négociatiounen während 120 Deeg zwëschent de Serben an zwëschent de kosovareschen Autoritéiten ze organiséieren. Par ailleurs, géif se och net kloermaachen, datt no där Period vun 120 Deeg d'Indépendance automatesch géif ginn, mä datt natierlech deen Dossier erëm géif zrëckkomme bei de Conseil de Sécurité. Muer wäerten déi Négociatiounen am Conseil de Sécurité ufänken. Momentan fanne se éischter an de Couloirë statt, fir eben ze probéiere kee Veto vun de Russen hei ze kréien.

Et ass ganz sécher, datt eng unilateral Démarche à ce stade net déi richteg Formel wier, datt all Léisung muss probéiert ginn, iwwer eng Resolutioun vun der UNO an där extrem délikater Situatioun vum Kosovo ze kréien. Duerfir muss een och all Initiativen ënnerstëtzen, déi dorop erauslafen esou eng Léisung am Kader vun der UNO ze kréien. Mir kënnen nëmmen déi Initiativ vun den Amerikaner, de Fransousen an den Englänner an deem Sënn begreissen.

Mir wëssen, datt d'Situatioun am Kosovo selwer extrem fragile ass. An dat geet ons jo direkt eppes un. Engersäits hu mer momentan - an de Ministre de la Défense ass jo hei - iwwer 20 Zaldoten am Kosovo. 23! Par ailleurs wësse mer, datt mer vill Leit, vill Réfugiéien aus dem Kosovo hunn. An all Degradatioun vun der Situatioun am Kosovo hätt natierlech och fir e Land wéi eist negativ Konsequenzen.

Wat d'Solidaritéit vun der Unioun ubelaangt, ass déi momentan absolut net a Fro gestallt. Mir sinn ons alleguer - alle 27 - bewosst, datt déi Solidaritéit noutwendeg ass. Net nëmmen noutwendeg fir de Kosovo a fir eng politesch Solutioun am Kosovo, fir d'Stabilitéit an der ganzer Regioun, mä awer och fir d'Crédibilitéit vun eiser eegener europäescher Aussepolitik.